ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Ëmweltschutz, den Här Minister fir Klimafroen an den Här Minister fir Mobilitéit dës Froe stellen, déi d'Modalitéite vum Miesse vu Belaaschtunge vun der Loftqualitéit uginn.

Zu Lëtzebuerg ginn, wéi an anere Länner och, Miessunge vun der Loftqualitéit virgeholl. An dësem Domän gëtt et europäesch Normen, wou esou Statioune sollten opgestallt sinn a wéi d'Miessunge solle virgeholl ginn. Duerfir wollt ech dës Fro un d'Madamm Minister fir Emweltschutz, den Här Minister fir Klimafroen an den Här Minister fir Mobilitéit stellen:

1. Wéi eng Miessunge ginn zu Lëtzebuerg gemaach, besonnesch am Hibléck op Stéckstoffoxyd a rénge Stëbs?
2. Wéi eng national an europäesch Norme reegelen d'Aktioun vun der Regierung an dësem Domän? Wéi eng präzis Critère sinn duerch europäesch Norme virgeschriwwe fir eng Miessstatioun opzeriichten (z.B.: Distanz vun enger Strooss oder vun enger Kräizung, Héicht vun de Schläich)?
3. Wéi vill Apparater gi fir esou Miessungen agesat? Op wéi enge Plaze sinn déi Apparater opgestallt ginn? No wéi enge Critère sinn déi Plazen erausgesicht ginn? Kënnen d'Madamm an déi Häre Ministeren der Chamber d'Lëscht vun de Miessapparaturen an der Annexe vun hirer Äntwert mat schécken ?
4. Ginn déi europäesch Norme fir d'Opstelle vun esou Miessstatiounen op all eenzelnem Miesspunkt a vollem Ëmfang respektéiert ?
5. Wou geschitt d'Auswäertung vun de Miessresultater ? Wéi eng Vergläichsnorme gi geholl fir d'Resultater ze beuerteelen?
6. Wa Rechemodeller benotzt gi fir d'Resultater vun de Miessungen ze beaarbechten (sougenannte "Modelliséierungen"), wéi eng sinn dat a wat sinn d'Parametere vun deene gewielte Methoden?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

7. Zu Berlin goufe vun der Säit vun der Administratioun d'Resultater vun de Miessungen nach duerch Koeffiziente verännert fir eventuell, sou gouf gesot, ze déif Miessungen ze "kompenséieren". Ass esou e Virgoen och zu Lëtzebuerg virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten